

Begreissung

Här Buergermeeschter, Här Deputéierten, léif Memberen vum Schaffen- a Gemengerot, léif Leit.

Am Numm vun der Ëmweltkommissioun begréissen mir iech ganz häerzlech um Dag vum Bam deen dëst Joer ënnert dem Motto „**Ufank vun der Planzaktioun nom Tornado vum 9. August 2019**“ leeft

Wei vill Beem, wíem seng

Nieft deem groussen Materialschued deen duerch den Tornado entstanen ass sinn hei an der Gemeng Käerjeng insgesamt **1200 Beem** zerstéiert gi sinn. Hei sinn all Beem gezielt net nëmmen déi ënnert der Responsabilitéit vun der Gemeng sinn, mee och déi wou **Ponts et Chaussée oder dem Waasserwirtschaftsamt** geplanzt hunn. Matgezielt sinn och déi déi a **Privatgäert** zerstéiert gi sinn.

Wie sou sinn des Beem sou wichteg

Beem spillen eng wichteg Roll an eisem Ökosystem. Hei e puer vun hire **wichtige Funktiounen** an der Stad:

Si **filteren Schuedstoffer** aus der Loft, absorbéieren **CO2** a produzéieren **Sauerstoff**

Si hëllef en **agreabelt Klima** ze schafen. Si ginn **Fiichtegkeet** an Loft of a **killen** do duerch Loft,

Hire **Schied** evitéiert, dass de Beton an Steng sech ze vill ophetzen, wat ëmsou méi hëllefräich ass an deenen waarme Summeren déi mir a leschter Zäit haten.

Et ass e **Liewensraum** fir Insekten a Vulle

Si absorbéieren Kaméidi **wat** bei eis an der Gemeng jo och eng wichteg Funktioun ass

Wat ass virgesinn

Dofir ass Gemeng bestriefft déi zerstéiert Beem ze ersetzen. Gemeng krut an deem Kontext e **Budget vum Ministère de l'Environnement** zur Verfügung gestallt. Dëse Montant soll an deenen nächste Joren gebraucht ginn fir op verschidde **strategesche Plätzen** erëm Beem unzeplanzen.

Zesummenaarbecht mat aner Administratiounen

Vu dass net all Beem ënnert der Gemeng hirer Responsabilitéit sinn, gëtt probéiert an **Zesummenaarbecht mat deenen aneren Administratiounen** Pläng auszeschaffen fir Beem erëm unzeplanzen an dëst op sënnvolle **Plätzen**.

Privatleit

Majoritéit vun de Beem déi zerstéiert gi sinn stoungen op **Privatterrainen**. Hei ass Gemeng am gaangen ze kucken op een de Privatleit eventuell eng **finanziell Ënnerstëtzung** ka ginn fir se ze motivéieren och an de Gäert déi verschwonnen Beem ze ersetzen.

Wat plangt Gemeng selwer un Uplanzungen

Vun deenen 1200 zerstéierte Beem hunn der **+/- 100 der Gemeng** gehéiert. Ech ginn iech e klengen Iwwerbléck wou Gemeng virgesinn huet kuerz **oder méttelfristeg** Beem unzeplanzen.

Schoulhaff

Eigentlech wollte mer den Ufank vun der Planzaktioun **op Acker** virgesinn wou vill Schued entstanen war. Leider ass d'ëst zäitlech net opgaangen well do Bauaarbechten um Terrain duerch Covid-19 net sou schnell virukomm sinn an nach net ofgeschloss sinn. Hei sollen am ganzen **16 Beem Enn November** geplanzt ginn. Des nei Beem si geduecht fir de **Schoulhaff ze begréngen** an de Kanner am Summer **Schied** ze spenden.

Service Technique

Des Weideren ass virgesinn **5 Beem beim Pavillon** nieft der Kierch, wou de Service technique ass unzeplanzen. Och hei sinn nach Aarbechten am gaangen fir de Wee ze amenagéieren, Des stinn awer kuerz virum Ofschloss sou, dass des Planzaktioun nach d'ëst **Joer** ka stattfannen.

Fussballsterrain

Enn November ginn och nach **3 néi Uebstbeem um Käerjenger Fussball** ugeplanzt.

Aner Platzen

Lëtzebuerger Strooss

Op verschidde Platzen gëtt ofgewart ei eng Uplanzung stattfënnt well **an Zukunft nach Aarbechten** virgesi sinn. Dëst zum Beispill op der Lëtzebuerger **Strooss wou e Buscouloir** soll amenagéiert ginn. Hei mëscht et Sënn de Schluss vun den Aarbechten ofzewarten bis feststeet wou Beem kennen gesat ginn.

Tennisterrain

Och beim Tennisterrain wou mir elo uschléissend higinn, war duerch den Tornado e grouss e Schued entstanen. Hei wäerten an Zukunft eng **40-50 Beem** geplantz ginn dëst am Kader vum Amenagement **vum Quartier**. Hei soll e **Park** ugeluecht ginn. Des Pläng sinn awer nach an der Maach. Op der Platz wäert eise Fieschter de **Marc Gengler** eis méi Detailer ginn.

Planzaktioun haut

Zum Schluss komme mer dann zu der **eigtlecher Planzaktioun**. Vum Tennisterrain gi mer weider an rue Guillaume Serrig wou mer dann en **Nëssert** wäerten zesumme planzen. De **Jeff Künsch**, eisen Ëmweltberoder wäert iech do zousätzlech Erklärung.

Keng Banannen kee Patt

Op dëser Platz hu mir déi lescht Joren eng **kleng Stärkung** ausgedeelt éier mir eisen Tour ugaangen sinn. Leider kënne mir wéinst de **Covidmesuren** dëst Joer **keng Fairtrade Banannen** verdeelen.

Och den traditionelle **Patt nom Tour** huet missten ofgesot ginn.

Ech wënschen iech awer trotzdem nach eng flotte an interessanten Mueren.